# Geburtstagsfeier an der Geenzebléi

24 Bewunner aus der Geenzebléi goufen geéiert



**Wolz.** Kierzlech huet déi éischt Gebuertsdagsfeier fir dëst Joer stattfonnt, déi vun der Amicale aus der Geenzebléi organiséiert gouf. 24 Bewunner, déi am Januar, Februar a Mäerz Gebuertsdag haten, goufe geéiert. Bei der Begréissung huet de President Jing Huet am Numm vun der Amicale de Gebuertsdagsleit gratuléiert an hinnen alleguer fir d'Zukunft eng gutt Gesondheet gewënscht an datt si nach vill Fester mat der Amicale kënne zesumme féieren. D'Direktioun vum Servior war duerch d'Anne Muller vertrueden. D'Gemeng war duerch d'Schäffe Chantal Kauffmann an Amel Cosic vertrueden. D'Chantal Kauffmann huet am Numm vun der Gemeng alle Geéierte gratuléiert an hinnen och fir d'Zukunft all Guddes gewënscht. Duerno huet den Orchester Jeannot Conter den Happy Birthday gespillt, wou jiddereen matgesongen huet. Bei engem gudde Patt an engem Stéck Gebuertsdagskuch gouf gedanzt a gesongen. Vun der Amicale gouf et wéi ëmmer ee Kaddo fir all déi 24 Geéiert an d'Gemeng huet och ee Kaddo un d'Bewunner iwwerreecht, déi ee ronne Gebuertsdag haten.

Et goufe geéiert: Marie-Louise Krausch (62), Marguerite Roth (71), Roger Schmitz (71), Anna Francesca Paolini-Tabone (72), Fernand Gerend (73), Françoise Deligny (74), Margot Brust Schaul (81), Emilie Schamburger-Doerfel (83), Nicolas Wilwers (84), Marie Catherine Hayard (84), Madeleine De Maere-Errembault (87), Dorothée Treis (88), Marie Eiffes-Schilling (88), Alida Beelen-Peeters (88), Margot Vinandy-Schumacher (89), Nicolas Wolter (89), Josette Becker-Maillet (90), Mariechen Jakoby-Esch (91), Aloyse Krausch (91), Marie Weber-Schilling (91), Henriette Kremer-Engelmann (94), Marie-Louise Weinandy (97), Margot Schack-Fietz (99), Hélène (Lilly) Schanck-Wilmes (101).

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*